adr
*ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI*
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 FEV. 2018
3613

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukturen an den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Zënter e puer Joer scho gëtt um Projet geschafft, deen e Wandpark zu Déifferdeng virgesäit. Well déi Wandmillen do awer op engem Terrain sollen opgeriicht ginn, ënnert deem al Minne leien, stelle sech eng Rei vu Froen am Zesummenhank mat der Stabilitéit an der Kontroll vun deene geplangten Installatiounen.

An dësem Kontext wéilt ech der Madamm an den Häre Ministere gär folgend Froe stellen:

1. Ass et erlaabt esou grouss Installatiounen op engem Terrain opzeriichten, ënnert deem al Minne leien? Kann ee garantéieren, datt deen Terrain an domat déi Wandmillen, déi drop sollen opgeriicht ginn, stabil sinn a bleiwen an datt de Buedem net nogëtt oder esouguer abrécht?
2. Ass d'ITM (Inspection du Travail et des Mines) zoustänneg a verantwortlech fir d'Stabilitéitskontroll vun deenen ale Minnen?
3. Ass virgesinn, datt, no franséischem Virbild, all Joer Stabilitéitskontrolle gemaach ginn?
4. Wéi en Impakt hunn déi Baumoossnamen an déi noutwenneg Kontrollen an deenen ale Minnen op déi Kolonië vu Flantermais, déi do liewen? Wat fir Mesurë si virgesinn, fir d'Ëmwelt bei dësem Bau ze schützen?
5. A wéi wäit gëllt de Precautiounsprinzip am Fall vun engem potentiell onstabille Buedem? Wéi grouss wär de Sécherheetsperimeter bei enger Wandmillen, bei där den héchste Punkt bei 200 Meter läit? Wéi kann d'Sécherheet vun den Awunner an där Géigend a vun deenen anere Leit, déi hir Fräizäit do verbréngen, garantéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 08 février 2018

Objet : Question parlementaire n° 3613 du 08.02.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés